Ried AGO 2024 vun der Presidentin Marlène NEGRINI

Dir Dammen an Dir Häre Politiker, Dir Dammen an Dir Häre vun der Presse, léif Invitéeën, Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer.

Een décke Merci un d'CGFP, datt mir haut den Owend op dëser super Plaz eis Versammlung kënnen ofhalen, a Merci un Iech léif Inviteeën, datt Dir de Wee den Owend hei hinner fonnt hutt, an ech freeë mech Iech hei begréissen ze kënnen.

Verschidde Sujeten wäerten den Owend ugeschwat ginn, net vu mir aleng, da gëtt et och net langweileg.

Am Coalitiounsaccord vun der neier Regierung steet ënner Anerem de Recrutement an der Police, d'Auslagerung vu verschiddene Missiounen fir d'Police ze entlaaschten, d'lokal Police oder d'Gemengepolice, d'Karriären an der Police.

Wann ee vu Karriären an der Police schwätzt, denkt een direkt un d'**Reklassement**. Hei muss ech e bessi aushuelen:
Am Virfeld vum Policegesetz vum 1. August 2018, also scho virun 2018, wou de Kuch verdeelt gouf, war d'Fuerderung vum SNPGL fir sämtlech C1ten, mat an ouni Ofschloss, an de B1 ze setzen fir datt et fair soll bleiwen an datt virun Allem d'Anciennetéit an engem militäreschen System oprechterhal géif ginn.

Déi deemoleg zoustänneg Ministeren wollten dat op kee Fall, an net eemol déi Leit mat engem Ofschloss iwwert ee Reklassement an de B1 huelen. Et war also dat wat um Dësch loung, nämlech d'Voie expresse, respektiv den Out-In, oder näischt. Näischt war keng Optioun, also hu mir dat geholl, wat mir kritt hunn, déi absolut richteg Decisioun vum SNPGL.

Eng 1200 Leit sinn an de B1 gewiesselt, déi éischt Nominatiounen op den 1. Januar 2020, an déi nächst op den 1. August 2022, a laut Dislocatiounslëscht sinn der op haut nach 848 am aktiven Dëngscht. Eng weider 200 Leit hunn dann am Oktober 2022 hir Kandidatur gestallt fir d'Voie expresse ze maachen.
D'Reklassement war awer net vum Dësch an et ass och geklot ginn. Fin mot dovun ass, datt am Oktober 2022, opgrond vun engem Urteel vun der Cour constutionnelle den Art. 94 vum Policegestz ausser Kraaft gesat an d'Voie expresse domat gestoppt ginn ass. An dat eng Woch nodeems d'Beamten hir Demande gemaach hunn fir d'Voie expresse kënnen ze man.

Bal 2 Joer méi spéit ass nach näischt geschitt an déi Leit waarden nach ëmmer drop, wéi et soll wieder goen. D'Zäit bleiwt net stoen, an et kommen natiirlech weider Beamten dobäi, déi hir 15 Dëngscht erof hunn.

Mee net genuch mat der gestopptener Voie expresse. Nee, säit Januar 2024 sinn och all Avancementer gestoppt, fir déi Leit, déi d'Voie expresse 2022 gepackt hunn.

Dem Minister, dee sech strikt un den Arrêt vum Verfaassungsgeriicht hält, sinn d'Hänn gebonnen. Trotzdeem muss et weider goen mat der Voie expresse, déi jo bis 2033 verlängert ginn ass, a soumat mir dann awer all Beamten mat 15 Joer Dëngscht an dee virun der Entrée en vigueur vum Gestz vum 18. Juli 2018 seng definitiv Nominatioun an der Police a keen Ofschlossdiplom hat, an de B1 wiessele kann.

Alles hänkt elo um PL Reklassement. Ufanks August huet den SNPGL den APL zum Reklassement vum MAI geschéckt kritt, fir en Avis driwwer ofzeginn. Merci un den Här Minister fir seng Volontéit dem SNPGL d'Méiglechkeet ze ginn en Avis dozou ze verfaassen.

Och wa mir ausdrëcklech begréissen, datt dee Reklassement lo endlech soll ëmgesat ginn, bedauere mir, datt et am Virfeld eigentlech nëmmen Informatioune gouf, awer keng Negociatioun, op d'mannst net mam SNPGL.

Den neien Text gesäit folgend Conditioune vir, fir eligibel ze sinn fir d'Reklassement:

- virum 1. August 2018 eng definitiv Nominatioun am C1,
- virum 1. August 2018 Détenteur vun engem Diplôme de fin d'études secondaires oder equivalent
- am aktiven Dëngscht sinn, bei der Entrée en vigueur vum neie Gesetz

Mir bedaueren, datt d'Kolleeginnen a d'Kolleegen aus dem C2, déi virum 1. August 2018 hir definitiv Nominatioun kritt hunn, an och virum 1. August 2018 Détenteur vun engem Diplôme de fin d'études secondaires oder equivalent waren, net fir de Reklassement a Fro solle kommen.

Mir bedaueren och, datt d'Kolleeginnen a d'Kolleegen, déi zum Zäitpunkt vun der Entrée en vigueur vum Policegesetz op den 1. August 2018 als Volontaire de Police mat engem Diplôme de fin d'études secondaires oder equivalent an der Policeschoul waren, an dowéinst réischt méi spéit hir definitiv Nominatioun kritt hunn, net fir ee Reklassement a Fro kommen, obschonn hir Situatioun eiser

Meenung no duerchaus vergläichbar ass, mat deenen, déi lo vum Reklassement profitéiere sollen.

Mir bedauere weiderhin, datt déi aktuell Textpropose nëmmen déi Leit berücksichtege soll, déi bei der Entrée en vigueur vun dem Gesetz iwwer de Reklassement nach am aktiven Dëngscht sinn, wat gläichzäiteg bedeit, datt all déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi säit dem 1. August 2018 a Pensioun gaange sinn, net vun engem Reklassement rëckwierkend op den 1. August 2018 profitéiere kënnen. Mir ginn an deem Zesummenhang ze bedenken, datt de Verstouss géint de Gläichheetsprinzip am Artikel 94 vum Policegesetz mat der Entrée en vigueur vun deem Gesetz op den 1. August 2018 entstanen ass, an net eréischt op den Datum vun der Entrée en vigueur vum Gesetz iwwert de viséierte Reklassement. Mir gi weiderhin ze bedenken, datt dat bei der Proposition de loi 8280 vum deemolegen honorabelen Deputéierten Leon GLODEN net de Fall war, andeems de Champ d'application do sou definéiert war, datt **all** C1 Beamt*innen, déi virun der Entrée en vigueur vum Gesetz vum 18. Juli 2018 Detenteur vun engem Diplôme de fin d'études oder equivalent, reklasséiert sollte ginn op den 1. August 2018.

All déi betraffe Leit, dat heescht souwuel d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem C2, wéi d'Kolleeginnen an d'Kolleegen, déi op den 1. August 2018 an der EP an der Formatioun waren, wéi och déi anzwësche pensionnéiert Kolleeginnen a Kolleegen, vun deene sech der etlech scho beim SNPGL manifestéiert hunn, gesi sech benodeelegt, wann den Text sou géif publizéiert ginn, wéi en lo virläit. Den Text sollt dozou déngen, eng Ongerechtegkeet ze behiewen an ee fir allemol aus der Welt ze schafen.

Den Text vum Reklassement ass d'lescht Woch leider verworf ginn, well et anscheinend Ënnerscheeder ginn zum Gesetzestext vun der Arméi. Vu datt Police an Arméi solle gläich sinn, firwat gi sou wichteg Dossieren net gemeinsam mat de respektive Ministèren a Personalvertriedungen vu Police an Arméi ausgeschafft?

Lokal Police oder Gemengepolice, ee brisante Sujet

Hei stoungen emgem reegelrecht d'Hoer zu Bierg, eng Police an der Police, Polizisten, fir déi net de Generaldirekter vun der Police sollt zoustäenneg sinn? D'Wogen hu sech geglätt a säit dem 1. Juli 2024 ass d'Police locale an der Stad an zu Esch ënnerwee. Enn des Joers gëtt den Iwwerschlag gemaach, fir ze kucken, wéi et weider geet, ob nogebessert oder ausgebaut muss ginn, ob nach déi eng oder aner Gemeng Demandeur ass fir eng Police locale.

Fir dëse Pilotprojet ginn och keng Leit aus anere Regiounen ofgezunn, wéi dat de Fall war fir d'Heescheverbuet ze kontrolléieren. Et ass en Deel vum Polizist senger deeglecher Aarbecht. Dat wat den Ënnerscheed mécht, ass de Brassard, deen déi Polizisten als Police locale definéiert, déi Polizisten, déi zu Fouss ënnerwee sinn, an en Ouer hunn fir de Bierger hir Problemer. Et ass näischt anescht, sou wéi de Generaldirekter Pascal Peters e Freiden a senger Ried gesot huet, wéi d'Proximitéit, déi reaktivéiert soll ginn, déi Proximitéit, déi säit dem 1. August 2018 op der Streck bliwwen ass.

De Minister Gloden huet vun de 4 Pe geschwat: Personal, Präsenz, Proximitéit Preventioun. Genuch Personal erméiglecht eng méi grouss Präsenz um Terrain, wat erëm d'Proximitéit fërdert, a wat schlussendlech méi Preventioun bedeit.

Fir dat néidegt Personal suergt de Minister Gloden, deen déi grouss Rekrutementer weider féiert an de Contingent och nach vun 160 op 200 Leit erop gesat huet. Merci dofir. Aspuerungen am existente Personal sinn och ageplangt. Den Arrestantentransport soll ausschliesslech vun den Agents pénitentiaires ausgefouert ginn. Eng 1. Reunioun huet och scho stattfonnt. Villes aus dem Coalitiounsaccord, wat d'Police betrëfft, ass schonn an Ugrëff geholl, Merci Här Minister.

Ee weidere Sujet, deen eis och scho säit Joren um Mo läit: d'**Kannerbetreiung** vun de Polizist*innen.

Ech hu schonn a menger 1. Ried als Generalsekretär op de Problem opmierksam gemaach, a mir, den SNPGL huet déi Iddi vun enger policeeegener Crèche am Kader vum neie Congésgesetz an de Raum gestallt. Et schéngt awer kee weider interesséiert hunn, mir sinn haut nach kee Schratt méi wäit, wéi 2019 an d'Familjeministesch huet et och net wichteg genuch fonnt, an d'Motioun vun enger Crèche an der Police d'lescht Joer an der Chamber mat nee gestëmmt.

Awer och Poliziste sinn Elteren. Et gëtt een net Polizist einfach esou. Dat ass schonn iwwerluecht an awer wëll een och eng Famill, Kanner …. Jo, et ass ee Polizist 24/24, mé och de Polizist huet e Liewen no der Aarbecht. Mamm neie Gesetz si méi Méiglechkeete geschaf ginn, fir maner ze schaffen a méi fir d'Famill do ze sinn. D'Prioritéiten hu geännert, och dem Polizist seng, an d'Gesetz zielt fir all Staatsbeamten, also och fir eis.
Wann et brauchbar Léisungen an der Police géife ginn, wann ee seng Kanner an enger policeeegener Enceinte gutt versuergt géif wëssen, an net fäerte misst, Iwwerstonnen ze man, well d'Kanner dann op der Strooss géife sëtzen well

d'Crèche oder d'Maison Relais zou ass, géifen Polizist*innen viläicht och manner op en Temps partiel zeréckgräifen. Eng normal Crèche oder eng Maison Relais strecke sech net der Police no, a mir wësse jo alleguer, datt et net sou einfach ass, eng Plaz an enger Crèche ze kréien, an datt d'Kanner och an enger Maison Relais mussen ugemellt sinn. Ee Switche vu Wochendeeg an enger Crèche an ee ponktuelle Besoin d'Kand an der Maison Relais ze loossen sinn also guer net méiglech. An dat sinn awer Knackpunkte vun eis, de Polizisten, well mir och mol ausser der Rei mussen untrieden, oder Iwwerstonne musse gemaach ginn.

Alles sollt méi einfach ginn an der neier Police, méi transparent, méi performant. U villes ass geduecht ginn, awer net un d'Encadrement vun der Kanner vun de de Polizisten, an och vum Zivilpersonal, déi bei eis schaffen.

Jo, Dir hutt Recht, wann Dir lo sot, datt d'Elteren sech ëm hier Kanner solle këmmeren. Dat geet awer just sou laang, déi ëffentlech Ariichtungen op sinn, an d'Kanner och ugemellt sinn. Wat ass an de Stonnen nodeem d'Crèche an d'Maison Relais zou sinn? An et huet och net jidderee méi Elteren, déi no den Enkele kucke kënnen. En Challenge fir d'Elteren, a virun allem fir Monoparentalen, déi aleng mat hire Kanner do stinn.

Eng zousätzlech Belaaschtung gëtt et, wann de Schaffplang stënterlech géännert muss ginn, wat déi ganz familiär Organisatioun op d'Kopp gehäit. Mat engem Kapp voller Suergen op d'Aarbecht goen, wou een da voll bei der Saach misst sinn. Eng zousätzlech Belaaschtung an een zousätzleche Stress. Sou ee policeinternt Encadrement vun de Kanner wär do sécherlech net vu Mutwëll.

Firwat bréngt d'Police et net fäerdeg raisonnabel a repräsentabel Léisungen ze fannen an unzebidden? Firwat brauch et Joren, bis schliesslech agesi gëtt datt hei e Besoin ass, dee mat normal fonktionéierende Crèchen oder Maison Relaisen net ka gedeckt ginn. Ass dat hei net och Diskriminéierung vun deene Leit, déi 3 Schichte schaffen. Eng Hellewull vu Crèchen a Maisons Relais, déi wochendags op sinn. A wat ass Nuets, Samschdes, Sonndes, an d'Feierdeeg. Et ass einfach fir ze soen „Komm och Du bei d'Police", an och nach „mir sinn eng grouss Famill", mee eng Famill, déi ass ee fir deen aneren do.

Gehéiert dat net och en d'Kategrorie bien-être au travail, wann een op d'Aarbecht geet mam rouege Gewëssen, datt d'Kanner gutt versuergt sinn an egal wéi laang d'Schicht dauert? Work life balance bedeit net deen ee schafft an deen anere liewt.

Am Coalitiounsaccord, ënnert der Rubrique „Enfance – Diversité des formes d'accueil", ass folgenden Text zeliesen.

« Le secteur de l'éducation non formelle sera développé davantage afin d'offrir aux parents une plus grande diversité de formes d'accueil > crèches, mini-crèches, assistants parentaux, crèches en entreprise, asw ».

Am Avis A4052 vun der Chambre des fonctionnaires zum Budgetsprojet gëtt zu Recht gefrot, ob déi crèches en entreprise, och fir d'Fonction publique zielt, a wann et sou eng Initiative gëtt si voll vun der Chambre des fonctionnaires ënnerstëtzt gëtt. Den Encadrement stellt verschidde Staatsbeamte virun onléisbar Problemer, well d'Crèche jo net nuets op sinn an och soss d'Ëffnungszäiten net onbegéngt op e Schichtesystem passen.

D'Organisatioun ronderëm d'Kanner muss nei definéiert ginn. Firwat soll eng Crèche net kënne moies éischter op an owes méi spéit zou man, oder och mol nuets Kanner betreien? Mir kucke scho selwer no eise Kanner, just ass dat an eisem Beruff net sou einfach, well mir eis net ëmmer strickt u virgeschriwwen Zäiten kënnen halen.

Een Ëmdenken ass déck néideg an een Encadrement vun de Kanner vum Policepersonal onbedéngt notwenneg. Mir brauchen dréngend déi noutwendeg Méiglechkeete fir eis Leit, oder muss et souwäit kommen, datt d'Kanner mat op de Spezialdéngscht kommen?

Dofir haut dann net méi „vilkäicht", mee et ass un der Zäit fir eng Crèche fir Kanner vu Beamten, déi onreegelméisseg schaffen oder Iwwerstonnen un der Dagesuerdnung sinn.

Primmen an der Police

Onreegelméisseg Schaffen, a Schichte schaffe, jo dofir kréie mir eng Prime. An da si mir scho bei der nächster Ongerechtegkeet. Mir maachen all déi selwecht Aarbecht, mir gi just ënnerschiddlech dofir bezuelt, jidderee sengem Grade de traitement no. Mee wat justifiéiert déi Primmendifferenz vum C op de B, wann all Polizist deene selwechte Risiken ausgesat ass, an deen een, am Verglach zu dem Aneren, net méi oder manner Astreinte huet.
An der neier Police, maache Leit aus de Gehaltsgruppen B1 an C1 exakt deeselwechten Job. Si hunn déi selwecht Funktiounsgraden, schaffen op der selwechter Schicht, a fuere mat dem selwechte Patrullewon op deeselwechten

Asaz. Si sinn ee wéi deen Aneren, genau deemselwechte Risiko ausgesat an ënnerleien deemselwechte Régime militaire.

Den SNPGL wor NIE mat enger Differenzéierung vun de Primmen averstan! An eisem Avis vum 3. November 2016 zum Projet de loi 7045 hu mir drop higewisen, datt den eenzeg gerechten a kohärente Wee an der Matière eng identesch Prime fir all Gehaltsgrupp wier. Och d'Chambre des fonctionnaires et employés publics huet sech an hirem Avis zum Projet de loi Froen zu der Differenzéierung bei de Primmen gestallt, eng Differenzéierung, déi awer néierens erklärt gëtt.

Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt keng Erklärung a scho guer keng Berechtegung fir eng Differenzéierung bei de Primmen!

Oder hunn de Risiko oder d'Astreinte an eisem Beruff an de leschten 20 Joer sou ofgeholl, datt d' Primm mat 15 Punkten fir d'Kolleegen aus dem B1 méi nidereg ass, wéi d'Primm de grand risque, déi am leschte Jordausend schon 20 Punkte wert war?

Oder huele se éieren of, wann ee vum C1 an de B1 wiesselt?

Mir fuerderen ganz kloer, an dat net réicht säit haut, datt d'Prime d'astreinte an d'Prime de régime militaire fir d'Kollegen aus dem B1, op déi vum C1 an C2 alignéiert ginn, well Dir macht all deeselwechten Job.

Weder d'Differenz an de Primmen, nach d'Suergen ëm d'Kannerbetreiung, droen zur Attraktivitéit vun eisem Beruff bäi.

Ech ginn dann d'Wuert weider un eise Generalsekretär. Just nach dat hei: Deontologie priedegen a sech selwer net drun halen? De Marco geet do an den Detail nom Aktivitéisrapport.

Merci fir den Interessi an Nolauschteren.